N°1179
Entrée le 12.09.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 13.09.2024
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 12. September 2024

Här President,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Digitaliséierung an den Här Premierminister weiderzeleeden.

Am Mäerz 2024 sinn déi staatlech Internetsäiten Zil vun enger gréisserer DDOS-Attack ginn, déi d'Funktionalitéit vun de betraffene Websäite weesentlech gestéiert huet. Dës Attacken hu verschidde Vulnerabilitéite vun den digitalen Staatsinfrastrukture gewisen.

An dësem Zesummenhang wëll ech folgend Froe stellen:

1. Sinn zënter de Cyberattacken am Mäerz 2024 weider Ugrëffer op déi staatlech Internetsäite registréiert ginn, déi en Impakt op hir Funktioun haten?
2. Wat fir zousätzlech Mesurë goufen nom Mäerz agefouert, fir déi staatlech Infrastruktur bei zukünftegen Attacken besser ze protegéieren?
3. Konnten d'Autoritéiten scho bewerten, op sech dës néi Mesurë bewäert hunn?
4. A Bezuch op d'Sécherheetslücken déi duerch de Fait entstinn, dass verschidde Gemengen hir eegen IT-Systemer laanscht de «*SIGI*» entwéckelen: wéi gëtt garantéiert, datt all déi kommunal Informatiksystemer den eenheetleche Sécherheetsstandarden entspriechen, déi vum SIGI a vum CTIE definéiert goufen?
5. Wéi schätzt d'Regierung d'Sécherheet vun de kommunalen Infrastrukturen am Kontext vun de rezenten a méigleche Cyberattacken an? Ginn et geplangte Kooperatiounen oder Initiativen, fir d'Sécherheetslücken ze reduzéieren?

Mat déiwem Respekt,

Liz Braz
Deputéiert



Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu